

Lëtzebuergesch 'Rechtssprooch'?

Mir dierfen d'Begrëffer net duerchernee geheien*, apaart* wann et ëm esou eppes Wichtige wéi déi Sprooch, dee Jargon geet, an deenen z.B. en Uertel gesprach (net 'geschwat'!) gëtt, vun deem ganz dacks* vill, fir net ze soen alles ofhänkt!

Wann dir d'Geleeënheet kritt, da liest emol eng Kéier an engem däitsche Gesetzbuch oder engem 'Rechts-Wörterbuch'; do gesäit ee ganz séier*, datt et net duergeet, 'Däitsch ze kënnen'. Rechtssprooch ass eng Sprooch fir sech; et kënn ee bal soen, et wier keng Sprooch, mä en 'Instrument'... op deem et grujeleg* schwéier spillen an dat schlecht ze bekäppen ass. Do steet en 'normale' Bierger oder Däitsch-Kenner, esouguer en net dorop spezialiséierte 'Germanist' widdert* enger Sproochmuer!

Mir fannen datselwecht an anere Sproochen, an am Franséische geet et äis bal* grad ewéi am Thomas Mann sengem Idiom. **Wa mir do dann och nach d'Latäin gengen erauspiddelen*, da missten d'Juriste billen.** E klenge Beispill, wou et dann och nach heiansdo méi komplizéiert gemaach gëtt, wéi et schon ass: Wësst dir, wat en 'antipénultième alinéa' ass? Deen Ausdrück gebraucht een, deen et (sech?) besser fënnt, wéi wann hie geng 'avant-dernier' schreiwen ☺ Deeselwechten Zock* fënnt een an Akten, déi e Verkaf solle festhalen. Dofir steet dann do och, den Akt wier dem Verkeefer oder Keefer 'dans une langue de par lui connue' explizéiert ginn; dat seet jo ewell genuch, ower et ginn och Ursaachen, déi engem kënnen aliichten, vrun allem d'Exaktheit vun engem Text, duerch déi hien net anescht ka gedréint/interpretéiert ginn, wéi en nun emol ass...well deen ee Jurist jo probéiert, am Sträitfall deem aneren e 'Formfehler/vice de forme' an d'Jillistäsch ze dixer*. **D'Fro vun den net-lëtzebuergeschen Affekote stellt sech hei net;** dat ass eng ganz aner Diskussioun. Zugudderlescht ass et jo nach ëmmer um 'Client/mandataire' fir sech säi Jurist ze wieren...an ze bezuelen.

Wéi ass et dann elo mat deer Saach bei äis? **Brauche mir och esou eng 'hëlze' Sprooch fir Gesetzer, Uertelen an Akten?** Verständnegerweis: Neen! An zwar well mir an enger Sproochsituatioun sinn, déi äis eng lëtzebuergesch Rechtssprooch erspuert, an dat aus enger Partie vu Grënn, vun deenen eist Rechtssystem dee wichtigsten ass. Wien als Lëtzeburger Jura/Droit studéiert, mécht dat do, wou eist System eng historesch Basis huet: am Frankräich oder an der Belsch. Wien seng Studien dann nach wëllt op europäeschem Plang weiderféieren, dee kann dat op Spezial-Fakultéiten esouguer och am Englesche maachen.

An eise Sprooch-Gesetz vun 1984 steet zwar, datt Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch op administrativem Plang gläichgestallt sinn ower **verständnegerweis ass do och festgeluecht, datt am Sträit- oder Zweiwelsfall déi franséisch Versioun vun engem Text den Ausstreich* gëtt (...fait foi!).** Och de franséische Text vun eise Gesetzer ass definitiv deen, dee gëllt. Dat verhënnert ower net, datt Texter, déi de 'grand public' eppes uginn, och eng lëtzebuergesch Iwwersetzung solle kréien: huet z.B. Plakaten iwwer d'Rechter vun 'de Leit' iwwer a rondrëm de Verkéier um Gebitt vu Reesen (Findel).

Vläicht fënnt deen een oder aneren, datt déi Meenung/Uluecht* hei net grad an eng 'KLACK fir eis SPROOCH' gehéiert. Doriwwer kënn mir äis laang zermeschten*, gengen ower net dolaanscht* kommen, vrun allem eis eemoleg SPROOCHSITUATIOUN ze bewonneren: **Mir kënnen äis déi franséisch Rechtssprooch ganz 'einfach' leeschten,** déi däitsch och, wann et misst sinn; un déi englesch giffen eis Lëtzeburger Studenten sech sécher nach vill méi séier winnen, wéi dat fir hir franséisch resp. déi däitsch Kollegen de Fall wier.

* de Stärchen hannert engem Ausdrück ernënnert un en e bësse méi speziell/typesch Lëtzebuergesch

Wat ass da besser?

Den Här Willy Allamano (!!!), en treie Lieser vun den Artikelen rondrëm eis Sprooch an der Sonndeszeitung vun RTL.lu an hei an der KLACK, huet gemengt, **'AusstellONG, BedeitONG, FestONG** asw. wier vläicht besser wéi 'BedeitUNG, AusstellUNG, FestUNG' asw. Doriwwer kann een sech natierlech ënnerhalen; net zerstreiden! Et huet och knapps mat 'zevill Däitsch' ze dinn; dat ass äischer eng Fro, wéi a **firwat mir esou sëlliche muttwëllest Däitsch gebrauchen,** wou d'Lëtzebuergesch en Ausdrück huet... E gudder Rot: kaaft iech d'Buch mat kéipweis* typeschem EISES!

Fir kloer ze bliwen: des EndONG/-UNG ass eng Fassong vu Géigend; an desem Fall geet et ëm **dat 'Stieds' vis-à-vis vum Rescht vum Land.** Da wiere mir fir d'Haaptstad bei héchstens 10% vun de Lëtzeburger, déi **-ONG** unhänken; déi aner fanne mir all bei **-UNG**. Datselwecht Resultat krite mir **bei WOR/WAR, dem Imperfekt vum Verb 'sinn'.** Dee méi breeden 'ai' oder 'au' ass nach vill méi rar, well een dat bal nëmme méi an den 'Ënner-/Virstied' / Faubour(g)e begéint ('t wor waaiss geraaift dobaussen). Falsch wier et, wa mir äis/ons gengen driwwer zermeschten, wat dann elo 'besser' soll sinn; déi Fro stellt sech guer *net/nit/nick/néck*... et soll just een deem aneren seng Manéier vun Aussprooch respektéieren, well fir d'Erhale vun eiser Sprooch a vrun allem engem 'Mëttelëtzebuergesch' ginn et ganz aner Problemer a Suergen, iwwer déi hei zënter* Joer an Dag geschriwwe steet!

Zeechen 'erweisen'

Mir 'erweise' guer a glat näischt, grad wéi mir och kengem 'gedenken'. Dat wëllt just e bësse feierlech sinn, ass ower just däitsch formuléiert, also Lëtzebuergesch op Stelzen... an dat brauche mir an eiser esou sympathesch einfacher Sprooch dach net.

Mir soe *villmoos merci* fir déi Zeeche vu *Sympathie*, déi Dir äis ginn huet, wéi mir fir XYZ am grouse Leed waren/getrauert hunn... dat geet dach duer*, well et wëllt alles soen. Leider schreift bal jidderree bei aneren of, an dat gëtt dann eppes wéi e bëllege Stempel. Kuckt dach emol, wéi léif et ass, wann an enger Annonce steet, den XYZ *wier am Friddle mat eiser Härgott an der Welt an d'Éiwegkeet gaang* (aplaz 'vun äis'). Dat Ganzt ass nun emol eng Saach vu Gefill... och sproochlech.

vum Lex Roth



Stouss net un...

well dat gëtt dmeescht Knuppen an esouguer geféierlech Blessen*! Wéi dacks héieren oder liese mir dach, datt Kanner oder eeler Leit *bei enger roudier Luucht** ugestouss guffen, well si oder e Chauffeur net opgepasst hunn. Op eng aner Manéier *'stéisst een un'*, wann ee bei Leit zevill riichteraus ass, dat heescht dann och nach *flappeg**. Et kann dann och nach vläicht e Football-Match feierlech vun enger Persoun 'ugestouss' ginn, déi extra dofir invitéiert ginn ass...ower do si mir mat deer Ausdrucksweis ewell op der Grenz vun éierbarem Lëtzebuergesch, well **bei äis gëtt kee Ball 'gestouss', dee 'renne' mir, oder net?**

Gelungen* ass et, datt plazeweis* och ewell* 'ugestouss' gëtt, wann et sech ëm e Patt oder en Humpen dréint. Dat passt garantéiert net an d'Lëtzebuergesch, ass riichtewech Däitsch, an huet glat näischt mat 'Evolutioun' vun eiser Sprooch ze dinn, wéi esou Kuebereie* gär ëmschriwe ginn. **Mir 'prosten' nun emol a soen héchstens 'Gesondheet'; 'ustoussen' ass ëmmer falsch an dolaanscht!** Natierlech gëtt elo geméffert*, 'Prost' wier dach och kee Lëtzebuergesch; dat stëmmt, mä wien ass sech da bewosst, datt hien do 'gerompelt'* Latäin schwätzt, an zwar *'pro sit'* (ongeféier: et sief fir Dech/lech). Eist Verb 'prosten' ass zimlech eemoleg, e bëssen op d'Fassong wéi dat däitsch 'zuprosten'. Et kann ee sech iwregens och driwwer wonneren, datt et am Franséischen absolutt näischt ze proste gëtt; do spillt d'Gesondheet déi gréisste Roll: *Santé! à la bonne vôtre*... alles an der Rei, mä stouss wannechgliff net un.

Kommunikee

Bei deene sëllichen* Topereien*, déi vru Joeren (vrun allem joerelaang) an der däitscher Orthographie geknätzelt* guffen, ass dann och **aus dem 'Communiqué' e Wuert gemaach ginn, dat een deelweis u 'Karaokee' a 'Kommunismus' ernënnert:** de KOMMUNIKEE. Dat ass wierklech dat Allerallerlescht! Déi héichgeléiert Ierbëssenzieler, déi sech do hir bréckele* Bëls zerbrach hunn, haten zugudderlescht e Schreifweis-Gedruddels* fäerdegbruecht, dat ee wierklech wéi en topegen* Express virkënt. Leider huet et näischt gedéngt, datt déi seriös Press-Organen sech dogéint gestäipt hu wéi eng Band wëll Stéieren...d'Geschäftsiddi vun Duden ass meeschter ginn. Datt haut nach dosendeweis Schrëftsteller konsequent an deer 'aler' Orthographie schreiwen, muss dach jidderengem ze denke ginn... a wéi et schéngt, gesäit et an de Schoulen och schaufel* domat aus.

Musse mir dann elo dee ganze Klimbim matmaachen? Déi Fro stellt sech am Fong nëmme fir d'Däitsch an de Schoulen. Wa mir an eiser Sprooch riichtewech* däitsch Wieder gebrauchen, solle mir déi nom Duden schreiwen, soss gëtt et 'Bullibräi'* an de Schoulen. D'Fro stellt sech ower, ob mir dann och mussen de 'ph' ewechlossen, deen am Däitsche gestrach ginn ass... mä alt erëm ouni Iwwerleeung: Foto? Geografie? Grafik? mä Philosophie, Pharma-, Phosphor, Phänomen... Do solle mir bei deem bliwen, wat am Franséischen an Engleschen de Brauch ass a bleift. De Rescht ass Muttwëll!

rondrëm de Wanter

Zugudderlescht huet de Wanter äis ower nach ze pake kritt. Iwwerall gëtt et **Geschudders, Geschnuddels a Geschnoffels.** Wien sech schuddert, dee soll alt emol un e ferme gliddege Grog denken, op d'mannst e waarme Wäin... **dee koppege Glühwein** deet et och, mä mir brauchen en net, well **am Lëtzebuergesche glüht glat näischt;** do gloust héchstens e Rescht vun engem Feier, richteg: eng Glous*. Wann ee Féiwer huet, kann d'Gesicht och glousen... ower ni *glühen*. Wat mir ower hunn, ass **gliddeg** (heiss), an dann därefer mir an engem u wodeleg* denken, dat sech ëmmer méi hannert dem *lauwaarm* verkaucht. Firwat?

Denke mir alt nach drun, datt eng Rëtsch* eiser typescher Ausdrück sech mam Wanter ofginn? Wat ass dann den **Ënnerscheid tëscht Glëtz a Bromee?** Glëtz ass 'Äisreen' a Bromee ass gefruerene Niwwel (*bruma* am Latäin, *brume* op franséisch)... den däitsche 'Rauhreif'. Wat haut dacks *Äiszap(f)e* vernannt gëtt, ass e Spuerk*...an huet och sécher dem Febuar säi lëtzebuergeschen Numm 'Spierkel' ginn...e *Spuerk* nenne mir nach ëmmer e spatzen Zannt, deen eleng do steet. An da kuckt emol, wat *'spear'* am Engleschen heescht... an dir sidd am selwechte Wuertkrees wéi beim däitsche 'Speer'; moie 'Germania'... net 'Guten Tag, Deutschland'!

Abeemaja!

Sot emol engem Däitschen, dir hätt iech *die Zähne gewaschen*, oder dir misst iech *den Kopf waschen*; kaaft iech emol zu Tréier *Zahnseife* a frot *Schuhwichse*, *Pechpapier*, e *Wasserstein*... dat geet einfach net, well op Däitsch ass déi Ausdrucksweis dolaanscht*! Et ass ower net watderdäiwel* komplizéiert, dat korrekt ze soen. Op jidfer Fall ass et net un 'hinnen', fir äis dat hei genëschelt* dohinner ze geheien*. Iwregens: *geheien* ass am Däitschen onbekannt, vu *genëschelt* huet knapps een en Donst. Geheien ass ë.a. vum Hollänneschen hei hänke bliwwen (*gooien*); dat Genëschels huet seng Wuertzelen am däitschen *nesteln*.

Dat sinn esou Klenggekeeten, mat deenen een sech ganz flott ameséieren a Sätz baue kann, wou een, deen net grad mat de Féiss 'déi aner Säit' an der Our, der Sauer oder der Musel piddelt*, säi Krämpes* huet, fir eppes matzekeréien. **D'Buch EISES / Actioun-Lëtzebuergesch** – an deem mir zu eiser 5 Leit Dausende vu méi spezielle lëtzebuergesche Wieder gesammelt hunn – ass eng wonnerbar Geleeënheet, fir sech an deem Sënn mat eiser Sprooch ofzeginn, an engem* eise Däitschen a Franséischen op de Bustaf ze fillen. Frot et an de grouse Bicherbutteker oder direkt hei op enger vun eisen Adressen. De Präiss: Fir dee kritt dir just en Teller Spaghetti mat e bëssen Zos drop ☺